DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, den 10. Mee 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Inneministesch weiderzeleeden:

*„Et ass eis zu Ouere komm, datt et zu Ettelbréck aktuell Probleemer gëtt fir d'Ambulanze mat genügend Personal besat ze kréien. Et wieren nämlech net genuch Benevoller disponibel. Et versteet sech awer vum selwen, datt den Noutdéngscht personell gutt opgestallt muss sinn, virun allem, wann ee bedenkt, datt ëmmer méi Leit an d'Nordstad an an d'Uertschafte ronderëm wunne kommen.*

*An deem Kader wollte mir der Madamm Inneministesch folgend Froe stellen:*

- *Kann d'Madamm Ministesch Prezisioune liwweren iwwert d'Zuel vun de Professionellen, déi an deene verschiddene CGDIS-Zentren an an de Gemengen aus dem Kanton Dikrech an dem Kanton Veianen schaffen oder affektéiert sinn? Wéi vill Fräiwëlleger (Ambulanz a Pompjeeën) sinn hei de Moment am Asaz? Wéi huet sech hir d'Zuel zanter 2018 entwéckelt?*

- *Stëmmt et, datt am CGDIS Ettelbréck eng Rëtsch benevol Leit den Déngscht quittéiert hunn? Wa jo, wat sinn déi genee Ursaachen, déi dës Entscheedung motivéiert hunn? Wat huet dat fir Konsequenzen, besonnesch fir den Ambulanzendéngscht? Gëtt et aner Gemengen am Kanton Dikrech, wou änlech Erfarunge gemeet goufen?*

- *Wéi gesäit de Rekrutement vu Professionellen an dësem Beräich fir déi betraffe Kantonen an noer Zukunft aus?“*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Max HAHN
Deputéierten